ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 11. Mäerz 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Als Invité vun der Redaktioun bei RTL huet den Här Energieminister de 27. Januar annoncéiert, datt, wann aktuell 240.000 Autoen zu Lëtzebuerg voll elektresch bedriwwe géife ginn, dëst kee Problem fir de Stroumreseau géif duerstellen.

An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Kann den Här Minister déi Berechnung opschlësselen iwwert den Energieverbrauch vun 240.000 elektresche Gefierer?
2. Ass an deem Kontext och séchergestallt, datt och an de Spëtzestonnen, also dann, wann de Stroumverbrauch landeswäit am héchsten ass, d'Energieversuergung séchergestallt ass? Wa jo, kann den Här Minister mir seng Analys, respektiv, säi Berechnungsmodus, opschlësselen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten